PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19/05/2023

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Sozialversécherung weiderzeleeden.

Et gouf un eis eru gedroen, dass et virkënnt, dass d'Krankekeess de Remboursement vun engem Krankeschäi refuséiert, well si dësen net unerkennt. Dëst kann awer net nëmme fir den Assuré zu engem grousse Problem ginn, mee stellt och de Patron virun eng ganz Rei Froen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wat fir eng Prozeduren si virgesinn, wann d'Krankekeess de Remboursement vun engem Krankeschäi refuséiert?
2. Wat fir eng Méiglechkeeten huet e Patron, wann d'Krankekeess de Remboursement vun engem Krankeschäi refuséiert?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten